LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
08 DEC. 2014

Le Ministre aux Relations avec le Parlement
SERVICE CENTRAL DE LEGISLATION

Reg.:	SCL:
Entré le: 08 DEC. 2014	
CE:	CHD:
A traiter par:	
Copie à:	

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation
43, boulevard Roosevelt
L-2450 LUXEMBOURG

Référence : 80bx15a72

Luxembourg, le 5 décembre 2014

Concerne : Question parlementaire n° 685 du 6 novembre 2014 de Monsieur le Député Roy Reding concernant le papier timbré utilisé par les notaires.

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint ma réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments très distingués.

Le Ministre des Finances,

Pierre GRAMEGNA

3, rue de la Congrégation
L-1352 Luxembourg
Tél. (+352) 247-82600
Fax (+352) 247-92625
Adresse postale
L-2931 Luxembourg
Ministere-Finances@fi.etat.lu
www.etat.lu

144-000003-20060525-FR

Réponse de Monsieur le Ministre des Finances, Pierre Gramegna, à la question parlementaire n°685 du 6 novembre 2014 de Monsieur le Député Roy Reding

Wat d'Fro betrëfft, wivill Aarbechtsstonnen dorop verwennt ginn fir de Pabeier an Empfang ze huelen : den Empfang vum Pabeier kascht quasi keng Zäit, e gëtt einfach vum Notär oder séngem Clerc beim « contrôle du timbre » ofginn.

Wat Fro, wéi vill Aarbechtsstonnen ginn dorop verwennt gin fir dee Pabeier ze kontrolléieren, ubelaangt sou sinn daat an der moyenne ongeféier 2 Stonnen an der Woch, geleescht vum Expéditionnaire vum contrôle du timbre.

Et gëtt kontrolléiert op effektiv Timberspabeier zum Tosch virgeluet gëtt, an nëtt divers Pabeieren, déi vum Notär oder séngem Personal kopéiert oder gedréckt gi sinn. Et kënnt vir, datt Kopiën, Rechnungen an divers aner Dokumenter zum Tosch proposéiert ginn, de Pabeier awer keen Timberspabeier ass dee getosch ka ginn. Den Timberspabeier gëtt also erausgefiltert, a gëtt duerch neien, onbedréckten Timberpabeier ersat, an zwar elo am Verhältnis 8/10, no de Virgaben vum Zukunftspaak ab 2015 nëmme méi am Verhältnis vun 2/10.

Nee, et sinn dofir keng méi Persounen fest agestallt gin. Déi Aarbecht gëtt vum Expéditionnaire vum service parallell zu séngen aneren Aarbechten erleedegt. Et ass nëmmen eng Missioun vu villen fir dee Beamten.

Daat kascht de Staat zesummegerechent 4.000.- Euro d'Joër fir den Tosch.

Den Timberspabeier fir d'Notairë huet am Joër 2013 dem Staat brutto 2 Milliounen Euro bruecht.

D'Verwaltung plangt nëtt, de System vum Timberspabeier ofzeschaafen. E war agefouert ginn, fir eng gläichbleiwend an héich Qualitéit vun den Notären hiren Originalen an authentësche Kopiën iwwer eng laang Zäit sécher ze stellen. Dee Besoin besteet haut nach. Och an den Hypothéiken gëtt Timberspabeier virgeschriwwen, wëll d'Bordereau'ën a Bicher gebonne ginn an do Normen zwéngend noutwendeg sinn. Doriwwer eraus wéilt och haut wahrscheinlech kee Client op säin Akt a Pabeierform verzichten.

Nee, momentan besteet dee Besoin nëtt fir eis mat de belschen Amtskollegen auszetauschen. Wann et eemol a Richtung vun engem « acte authentique virtuel » soll goën, da muss déi Prozedur ganz iwwerduet ginn. D'Viraarbecht ass awer scho vun der Verwaltung mat der « publicité foncière » gemach.